# Action pour un Monde Uni

Organisation non gouvernementale
(ONG) agréée par le Ministère de la
Coopération et de l'Action humanitaire



Isla Taquile, Peru, 2019



## Bulletin novembre 2019

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu office@amu.lu

Léif Frënn vun der AMU

D'AMU huet sech an de leschte Jore ganz vill weider entwéckelt. Mir si gewuess an och méi professionell ginn. Bedéngt duerch des Entwécklung huet een oft d'Gefill wéi wann alles méi komplex géing ginn. Ech denken hei un Beschreiwunge vu Projet'e un deene mir schaffen, Evaluatiounen an Auditten, Konventiounen déi mussen opgestallt ginn, asw.

An awer ass et eng ganz einfach Saach. E puer Leit kommen zesummen an si decidéiere fir sech anzesetze fir aner Leit. Och wann een am Ufank net ëmmer weess wou d'Rees higeet. D'Resultat ass oft ëmsou méi beandrockend. Esou ass et 1992 ugaangen an dorun huet sech un der Basis bis haut näischt geännert.

De Buttek Mosaik vu Fëlschdref huet en neit Konzept ëmgesat. Hei hunn mir genau dat erlieft. Eng nei Iddi ass entstan an e puer Leit hunn ugefaang ze schaffen, ouni ze wëssen dass d'Resultat eng nohalteg Epicerie wäert sinn. Et wousst och kee wat fir eng Duerfepicerie alles gebraucht gëtt. Mee lues a lues ass de Projet méi konkret ginn. Ech si wierklech beandrockt wéi eng Energie hei an dem Grupp entstan ass, wéi di richteg Iddi bis do war. An ech si frou dass d'AMU konnt hiren Apport bréngen a bei der Ëmsetzung vum neie Konzept konnt hëllefen.

Di aner Saach déi an dësem Bulletin opfält sinn déi vill Projet'en vun deenen d'Marianne Harpes an de Claude Metz erzielen. Si haten d'Chance wärend e puer Woche Projet'en a Partner vun der AMU a Latäin Amerika ze besichen. Bei der Unzuel un Aktivitéite kann een sech d'Fro stellen, wéi eng AMU aus Lëtzebuerg dat mécht. Mee, et ass jo esou, dass et net d'AMU ass déi des Projet'en ëmsetzt mee et sinn eis Partner. An et ass noutwendeg gutt Partner ze hunn, deene mir vertraue kennen. Ech fannen et dofir wichteg hei eng Kéier ze ënnersträichen, dass d'AMU wierklech op gutt Partner a Latäin Amerika wéi och an Afrika ziele kann, déi an enker Zesummenaarbecht mat eis des Projet'en ëmsetzen.

Ech wënschen iech vill Freed beim Liesen.

Claude Steichen
Gestionnaire de projets



Flüchtlingshëllef, La Matanza



Eise Partner zu La Matanza



Physiotherapie an der Casa de los Niños



Kanner am Rincon de Luz

### ... an Argentinien, Bolivien a Peru

**Projet 2018-2021**

**Stäerkung vun 9 lokalen Organisatiounen an Argentinien a Bolivien**

Gesamtbudget vum Projet: € 291.075,17

Accord Cadre de coopération vum 11.01.2018

Kontributioun vum lëtzebuergesche Staat:
€ 215.395,62

Kontributioun vun Action pour un Monde Uni:
€ 75.679,55

Lokale Partner: Suma Fraternidad

Mir haten dëst Joer eng aussergewéinlech Summervakanz a sinn zu 2 Famillen duerch Argentinien, Bolivien a Peru gereest. Heibäi konnte mir net nëmmen d'Schéinheete vun der Natur genéissen an eis iwwerzeege wéi eng kulturell Vilfalt des Länner ze bidden hunn. Mir haten och d'Chance eng ganz Rei vun den aktuellen an de realiséierte Projete vun der AMU ze besichen.

Zu Buenos Aires hu mir eise Partner „**Suma Fraternidad**", (www.sumafraternidad.org) getraff. Trotz Personalchangementer konnte mir eis iwwerzeege vun hirer professioneller Organisatioun an hirem Rôle fir lokal ONG'en a Latäinamerika ze ënnerstëtzen. Di éischt 2 Deeg ware voll gepaakt mat Visitten a Versammlungen; ugefaange mam **Centre de Réhabilitation Siluva** zu „La Plata" wou d'Aarbechte vun der Schwemm fir d'Waassertherapie vun hire behënnerte Patienten deemnächst ufänken.

Zu „**La Matanza/Buenos Aires**" am Zentrum fir Migranten, këmmeren sech eng Rei Benevoller em d'Integratioun vun de Flüchtlingsfamillen aus extrem prekäre Verhältnisser, déi sech deels scho säit Joren

illegal am Land ophalen. Si hëllefen hinnen déi administrativ Pabeieren an d'Rei ze kréien, fir Zougang zu Schoul, Aarbechtsplaz, Wunneng a Gesondheetsservicer ze kréien. Fir méiglechst vill Leit ze erreechen, hëlleft d'AMU bei der Installatioun vu mobillen Aschreiwungsposten a bei de Sensibiliséierungs-Campagnë fir d'Integratioun vun de Flüchtlingen.

Den **„Centro Unidad"** zu La Matanza këmmert sech em Kanner, Jugendlecher a Famillen. Si bidde verschidden Atelieren un, wéi Computer, Hausaufgabenhëllef, Musek, Sport a Gesondheetspreventioun. D'AMU ënnerstëtzt och d'Iwwerdaachung vum Sportsterrain. (www.asociacionnuevosol.org.ar)


Centro Unidad, La Matanza

Zu Tucuman bei der „**Fundación Lucía**" (www.fundacionluciatucuman.org) ware mir begeeschtert vun der grousser Communautéit vu Benevollen déi sech em d'Leit aus engem extrem aarme Quartier këmmeren. Een Dag virun eiser Visitt ass d'Gebai, wat d'AMU finanzéiert huet fäerdeg ginn a gëtt elo nach mat Miwwelen ageriicht. Hei gëtt vill Sensibiliséierung an Opklärung gemaach zu Theme wéi Gewalt, abus sexuels, Zougang zu der Justiz wann Plainté solle gemaach ginn, Familljeplanung, Sexualopklärung a Stäerkung vum Selbstwäertgefill.


Bei der Equipe vun der Fundación Lucía

Zu „Santa Maria di Catamarca" hu mir **„d'Escuela Aurora"** besicht, déi d'AMU 2010 beim Bau a bei der Ausstattung ënnerstëtzt hat a ware frou ze gesinn dass des Handwierkerschoul nach ëmmer wonnerbar fonctionnéiert an e wichtege Pilier an der Oprechterhalung vun der Kultur a vun der Wirtschaft vun den Indios ass. D'Ausbildung leeft an de Beräicher Metallaarbechten, Wiewerei a Keramik. Fir der AMU nach eng Kéier Merci ze soen, haten si hier Atelier'en extra no bausse verluecht an e flott Fest mat Musek an Danz organiséiert. Wéinst dem grousse Succès vun der Schoul plangen si un engem Ausbau. Och am Atelier **„Tinku Kamaya"** zu Santa Maria si weider bis zu 20 Frae beschäftegt fir Woll ze spannen an ze wiewen.

Et war eis wichteg op eiser Rees ganz no un de lokale Leit ze sinn, sou hu mir iwwert d'Reesagentur Boomerang vu Buenos Aires (déi ganz nom Prinzip vun Economie de Communion schafft) och ganz nohaltegen


Wollveraarbechtung zu Santa Maria


Casa de los Niños - eng vun eisen Partnerorganisatiounen

Tourismus gemaach. An der Quebrada del Toro bei Salta si mir vill vun de lokale Leit iwwer hier Kultur gewuer ginn. (www.turismo sustentablenoa.org)

Eng wonnerschéin Etapp war zu Cochabamba. Do gëtt et engersäits de „**Rincon de Luz**" vun der **Fundación Unisol**, deen an engem manner developpéierte Véierel vill am Kanner- a Jugendberäich mécht. Een Temoignage vun engem vun hire Mataarbechter huet eis staark beandrockt, wéi hien eis verzielt huet wéi hie senger Zäit als Kand hei an dësem Zentrum Leit fonnt huet, déi him Halt a Léift ginn hunn, fir sou net wéi aner Kollegen am Drogemilieu ze landen. Haut ass hie fir dëst sou dankbar, dass hien sech elo selwer hei fir déi nächst Generatiounen asetzt. Mir konnten hei och un der Skype-Konferenz deelhuelen, déi Suma Fraternidad mat allen 9 Partner aus eisem aktuelle Projet all Mount organiséiert fir gemeinsam de Punkt ze maache wou wien steet a sech ze ënnerstëtzen; ee wichtege Pilier an der Kommunikatioun, déi eiser Meenung no ganz gutt leeft.

Een 2. Projet zu Cochabamba ass d'**Casa de los Niños** eng Aart Kannerduerf wou iwwer 500 Kanner a Famille liewen. Famille mat multiple soziale Problemer wunnen hei um Site fir 1-3 Joer, bis si op eegene Féiss kenne stoen. Vill Kanner hunn eng kierperlech oder geeschteg Behënnerung oder si krank (Kriibs, Aids). Oft goufen si vun hiren Elteren ausgesat, hei gëtt sech ëm si gekëmmert a si kréien eng Ausbildung. Mir ware beandrockt vum Engagement vun de Mataarbechter hei, sou huet de Gianluca a seng Fra ee Kand bei sech opgeholl, wat um Dreckstipp ausgesat gi war well et krank war, een anere Bébé ass mat der Nuebelschnouer op der Strooss fonnt ginn. Vill tragesch Schicksaler stiechen oft hannendrun. D'AMU Lëtzebuerg huet aktuell d'Equipement fir verschidde physiotherapeutesch Ateliere finanzéiert. Well een esou Material hei net an de Geschäfter kafe kann, liewen si „d'Culture du Don" ganz konkret: d'Talenter vun alle Famille kommen zum Ausdrock: Schouster, Schräiner, Metallaarbechter,... si alleguer bréngen hire Knowhow an fir aus de Rohmaterialien dat entspriechend Equipement selwer ze bauen. Leider stierwen an dësem Kannerduerf an der Moyenne 8 Leit pro Joer. D'Äsche gi virun der Kapell verstreet an e Bam drop geplanzt. E bemoolte Stee mam Numm gëtt bei de Bam geluecht. Mir hu gesinn, dass vill international Volontairen hei am Projet matschaffen a wëllkomm sinn. Wéi den Zoufall et gewollt huet, huet eise Büro vu Fëlschdref eis den Dag dono gefrot, op mir géifen eng Plaz konkret gesi fir 2 Lëtzebuerger Studentinnen. D'Sarah an d'Sally wäerten sech elo am Dezember dohin op de Wee maachen.

Déi lescht Deeg vun eiser Rees hu mir zu Lima verbruecht wou mir natierlech op d'Evolutioun vum Projet **„Mundo Libre"** gespaant waren. Och hei konnte mir feststellen, dass den Ausbau vun der Chocolaterie, deen AMU Lëtzebuerg finanzeiert hat, gutt gelongen ass, d'Produktioun mat den neie Maschinne leeft. D'Chocotejas kruten eng optimiséiert Rezeptur mat verschiddene Goûten an eng nei Verpackung.

D'Visitte vun all dëse Projete war fir eis, eis Kanner an eis Frënn eng grouss Beräicherung an huet sécherlech bei eis aner Spueren hannerlooss wéi eng reng touristesch Aventure.

Marianne a Claude Metz-Harpes

**Och d'Kanner hu vill Andréck vun dëser extra Vakanz:**

Zu Buenos Aires si mir an ee Quartier komm wou et zimlech dreckeg a voller Bulli war, well just déi Haaptstroosse betonéiert sinn an et vill gereent hat. Mir si frou, dass mir net an sou engem Quartier musse wunnen. Zu La Matanza gëtt et eng Kleederstuff, wou och aarm Leit kënne Kleeder kréien. Si hunn och Bitzmaschinne wou Fraen aus der Géigend hier futtist Gezei kënne flecken. Noah (13): „Well an eiser Welt villes digital leeft, fannen ech et flott, dass si de Jonken och Computercourse ginn. D'Kanner hunn och d'Méiglechkeet fir Fussball ze spillen, si wëllen eng richteg Equipe opstellen. Den Terrain muss nach iwwerdaacht ginn, fir d'ganzt Joer kënne genotzt ze ginn."

Zu Santa Maria gouf d'AMU frëndlech empfaangen, mat roudem Teppech a südamerikanescher Musek. Eng Proff huet eis eng interessant Presentatioun iwwert hier Kultur gemaach. Nodeems mir de Schüler beim Schaffe konnten nokucke gouf et ee flott Fest. Mir konnte selwer matmaachen, hunn am Lehm geschafft an hunn dierfe mat der Band bei puer Lidder matspillen a matdanzen.


Nei Frënn zu Cochabamba


An der Chocolaterie zu Lima - lecker!

Och zu Cochabamba an de Strooße bei der Casa de los Niños läit iwwerall Plastik an Dreck. Dofir hu mir et flott fonnt, dass d'Kanner hei léiere besser op hier Ëmwelt opzepassen. Mir ware mat hinnen eraus Knascht sammelen. D'Kanner waren extrem frëndlech an hunn eis erzielt wéi si schaffen: si probéieren een deem aneren ze hëllefen. D'Kanner si gären do, well si vill Aktivitéiten do maache kënnen. Mir fannen et gutt, dass si ee Kicker an e Ping Pongs Dësch hunn, och wann dee scho bëssi futti war, haten si awer nach vill Spaass domat.

Léini (9): „Ech hu gemierkt, dass mir net ëmmer mussen alles hunn. Well si hunn net sou vill wéi mir a si sinn awer ganz frou. Ech hu geléiert dass mir sollen nodenken, wéi si dat hikréien, fir sou frou ze sinn. Ech fannen et Wahnsinn wéi léif si sinn a wéi vill si aner Leit respektéieren."

Robin (12): „Geld ass net dat wichtegst, mee engem eng Freed maachen oder engem hëllefen ass vill méi wäertvoll. Wann ee bedenkt wéi vill Saache mir verschwenden, da musse mir léiere besser op d'Saachen opzepassen."

Noah, Robin a Léini Metz

## ... à Bukoba en Tanzanie

**Projet 2018-2019**

**Soutien aux femmes afin de les fortifier pour faire face aux défis de la société tanzanienne**

Budget alloué au projet: € 23.100,00

Accord Cadre de coopération du 11.01.2018

Contribution du Gouvernement luxembourgeois: € 17.094,00

Contribution de l'Action pour un Monde Uni: € 6.006,00

Partenaire local: Sisters of St. Therese of the Child Jesus

En Tanzanie, on parle d'une féminisation de la pauvreté comme plus de la moitié de la population féminine (60%) vit dans l'extrême pauvreté (ONU Femmes, 2019). Souvent, les femmes n'ont pas le même accès aux études et au marché du travail. D'ailleurs, elles sont souvent forcées à se marier ou à vivre dans des mariages polygames. Les femmes divorcées souffrent des stigmatisations dans leur communauté. A noter que 2 femmes sur 4 en Tanzanie ont subi des violences physiques et 1 femme sur 10 est victime de violences sexuelles (ONU Femmes, 2018).



Atelier participatif à Bukoba

Pour ces raisons, notre partenaire local (Sisters of St. Therese of the Child Jesus) à Bukoba au nord-ouest de la Tanzanie réalise un projet qui a comme but d'offrir une plateforme aux femmes afin de pouvoir s'échanger et se sensibiliser sur des sujets sensibles. Dans le cadre de ce projet, les 400 femmes qui participent reçoivent par exemple des formations en matière de droit. Des notions de droit leur permettent d'évaluer leur situation privée et/ou professionnelle et de prendre des mesures adéquates. Ces formations permettent de sensibiliser, mobiliser et de fortifier les femmes. D'ailleurs, à travers les formations les femmes reçoivent aussi des connaissances en entrepreneuriat et en économie et elles sont supportées dans la recherche d'emplois. Afin de permettre aux femmes de participer à ces ateliers et formations, les frais de transport et de déjeuner sont offerts.



Les bovins laitiers d'Adriana

A côté de ces formations, les femmes qui disposaient déjà de projets économiques ont aussi reçu des supports financiers pour développer leur projet. Ceci a permis d'améliorer leur rendement, leur qualité de vie et leur situation familiale. Adriana Rugarabamu par exemple est une des jusqu'à présent 14 femmes qui a pu profiter d'un tel support financier. Avec le soutien financier, elle a agrandi son magasin de textiles et le nombre de ses bovins laitiers. En conséquence, son mari, un employé retraité, a demandé de devenir actionnaire de ses projets ce qui faisait un grand plaisir à Adriana. Elle se sent renforcée dans sa position et dans la prise de décision au niveau familial. Adriana admet qu'elle n'avait jamais été aussi heureuse comme partenaire conjugal avant. Comme le projet vise à réduire les inégalités face aux femmes, cet exemple peut être considéré comme résultat visible du projet.



Elles écoutent les conseils de l'avocat

Pour ce projet, il faut à nouveau soulever le travail exemplaire de notre partenaire local. Le projet est géré par un comité exécutif de 5 sœurs qui travaillent sur base volontaire. Lors de nos visites, on pouvait toujours ressentir leur détermination. C'est un projet qui leur tient particulièrement à cœur et qu'elles décrivent comme pionnier. La demande est forte, des femmes de districts plus lointains ont aussi demandé pour s'inscrire dans le projet. Une mise en réseau en juillet 2018 avec notre partenaire de la RDC, qui mène aussi un projet de formation, a permis à nos partenaires de s'échanger sur les différentes façons de travailler et de professionnaliser davantage leurs projets.

Jil Streber

**Projets actuels**
***Tanzanie***
Bukoba: Soutien aux femmes.
Budget : 23.100,- €
Bukoba : Education de jeunes filles.
Budget : 84.700,09 €
Nyakaiga : Amélioration des services de santé de l'hôpital régional.
Budget : 128.288,59 €
Dar es Salaam : Consultation et sensibilisation nutritionnelle à la maternité.
Budget : 68.750,- €

***Ouganda***
Kampala : Traitement du VIH/SIDA.
Budget : 323.746,50 €

***R.D. Congo***
Kinshasa, Kikwit et Lubumbashi : Formations professionnelles continues.
Budget : 375.527,68 €

***Brésil***
Pernambouc : Agronomie familiale écologique. Budget: 314.547,86 €

***Argentine et Bolivie***
Renforcement des capacités de 9 organisations sociales. Budget: 291.075,17 €

**Mise en réseau** entre les partenaires africains et sud-américains. Budget: 59.700,00 €

## ... Buttek Mosaïk in Filsdorf

***... manner ass méi***

Am 7. September öffnete er seine Tür, am 2. Oktober wurde er offiziell eingeweiht: Der „neue" Buttek Mosaïk in Filsdorf. Unter dem Motto „manner ass méi" kann hier jeder für seinen Alltag nachhaltig und fair produzierte Lebensmittel und Haushaltsprodukte einkaufen und gleichzeitig soziale Projekte und Entwicklungskooperationsprojekte von AMU unterstützen. Man muss sich schon etwas umorganisieren, um nicht mehr der alles konsumierende Supermarkt-Kunde zu sein, dafür hat man hier die Gewissheit, dreifach gut zu handeln: für die Gesundheit, die Umwelt und weil der Gewinn von Buttek Mosaïk integral gespendet wird. Das ehrenamtliche Team hat gemeinsam und ganz bewusst die Produkte und Lieferanten ausgesucht: weniger Verpackung, weniger Chemie, weniger Konsum, kürzere Wege und dafür mehr ökologische und regionale Produkte, mehr Qualität, mehr soziales Engagement. Einige der Hersteller seien hier kurz vorgestellt:

Der Kaffee zum Beispiel kommt von der Rösterei „Agata" aus Mannheim, die zu Starkmacher e.V. gehört. Die Starkmacher kennen und unterstützen jeden ihrer Cafébauer persönlich, kaufen nur besten Café direkt zu fairen Preisen ein. Jeder Cafébauer wiederum baut seinen Café ökologisch an, bezahlt seine Arbeiter fair und investiert in soziale Projekte.

Mehle, Nudeln, Honig, Tee, Essig, Öle, Saucen, Getränke, Seifen und WC-Papier kommen von luxemburgischen Produzenten, von denen einige uns außerdem in Bioqualität und verpackungsfrei oder in Leergutgläsern beliefern. Die hausgemachten Konfitüren liefert „Jeunes pour un Monde Uni" - die gesamten Einnahmen spendet Familie Biver.

Jang installiert die selbst geschreinerte Tür



Die ebenfalls luxemburgische Gewürzhandlung „The Spice Collection" liefert uns Gewürze aus biodynamischem Anbau aus aller Welt. Die Gründerin stammt aus Madagaskar und verspricht, für jedes verkaufte Gewürztöpfchen dort einen Baum pflanzen zu lassen.

Die „Ölmanufaktur" in Saarlouis liefert dem Buttek Mosaïk bio Rohkostöle, die sie aus hochwertigen Samen und Nüssen im Kaltpressverfahren unter 37° herstellt, außerdem Muse, Mehle und auch ganze Nüsse, Saaten und Trockenfrüchte in Bio und Rohkostqualität.

Ein besonders umweltfreundliches Produkt sind die effektiven Mikroorganisamen (EM) von „Agriton" aus Belgien. Whipe & Clean reinigt gesund und hilft im Haushalt. Anstatt mit aggressiver Desinfizierung und Giften alle



### Contact Action pour un Monde Uni

Siège Social/Bureau
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu - www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni
www.instagram.com/ActionpourunMondeUni

### Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Bechara Ziadé (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Christiane Stein (membre), Marianne Harpes (membre), Carmen Steichen (membre)

Jil Streber et Claude Steichen
(gestionnaires de projets)
Claudine Klein (bénévole au bureau)



Bakterien zu töten, ersetzt der regelmäßige Gebrauch von EM die schädlichen Bakterien durch gute, lebensnotwendige Bakterien. Diese „fressen“ den Schmutz und schaffen ein gesundes Raumklima. Mikroferm und Bokashi sind gesund und helfen im Garten, in der Tierhaltung und in der Landwirtschaft. Die Mikroflora baut Nährstoffe und Energie auf, der Boden wird reicher, schädliche Fäulnis wird durch gesunde Fermentation ersetzt. Mit dem Material von Agriton kann EM sogar selber hergestellt werden.



Ein Teil des ehrenamtlichen Teams

Die ökologischen Wasch- und Reinigungsmittel von „Sonett“ sowie Essig und hochwertige Naturseifen bietet Buttek Mosaïk verpackungsfrei an.

Ebenfalls verpackungsfrei werden neben den Nudeln von „Dudelmagie“ auch Basisprodukte wie Reis, Haferflocken, Zucker, Salz, Linsen, Cornflakes usw angeboten. Und wenn jemand seine Gläser oder Dosen mal vergisst: kein Problem, es stehen immer welche kostenlos zur Verfügung.

Buttek Mosaïk ist mittwochs von 17h00 bis 19h30 sowie samstags von 09h00 bis 12h00 geöffnet. Die ehrenamtlichen Helferinnen und Helfer freuen sich, dass die Kunden alle sehr zufrieden sind und regelmäßig wieder kommen. Also: auf nach Filsdorf, nachhaltig einkaufen und gleichzeitig AMU unterstützen.

Claudine Klein

## ... à Kampala en Ouganda

**Projet 2018-2021**

**Renforcement des capacités pour la prévention et le traitement du VIH/SIDA en Ouganda**

Budget alloué au projet: € 323.746,50

Accord Cadre de coopération du 11.01.2018

Contribution du Gouvernement luxembourgeois: € 239.572,41

Contribution de l'Action pour un Monde Uni: € 84.174,09

Partenaire local: Zia Angelina

L'Ouganda est classé parmi les 10 premiers pays au monde où la prévalence du VIH est la plus élevée avec un taux de 6,2%, ce qui correspond à environ 1,4 millions de personnes VIH positives en Ouganda (UNAIDS, 2018). Notre partenaire local à Kampala, le centre médical « Zia Angelina », a lancé l'année dernière un projet afin de combattre cette pandémie. Le projet peut être divisé en quatre activités :

1. Formations continues pour le personnel afin d'assurer une bonne prise en charge des patients.
2. Provision de soins médicaux, de traitements, de soutien psychosocial et de sensibilisation pour 300 personnes infectées par le VIH.
3. Augmentation des revenus des 300 patients à travers la formation de coopératives qui vont obtenir des microcrédits.
4. Construction d'un nouveau bâtiment pour la prise en charge de patients VIH positifs comprenant un laboratoire, une pharmacie, des salles de conseil et une petite salle opératoire.



L'hôpital Zia Angelina

Les préjugés, rumeurs et stigmatisations autour du VIH/SIDA sont multiples et très répandus en Ouganda. Les personnes ont souvent peur de se faire tester ou même de se faire soigner. L'ignorance et les rumeurs autour du VIH aggravent davantage la propagation du virus. Pour cette raison, il est par exemple très important que l'hôpital offre divers services et non seulement des traitements pour le VIH/SIDA afin que les habitants des alentours ne puissent pas savoir quels soins leur voisin reçoit. Notre partenaire à Kampala nous explique : la majorité des habitants associent le fait d'être VIH positive à la négligence et à l'irresponsabilité sexuelle. Une personne VIH positive risque d'être expulsée par la société, de perdre son emploi et son entourage social même familial.



Juillet 2019 - début du chantier à Kampala

Pour cette raison, notre partenaire a eu l'idée de former des coopératives qui offrent aux patients VIH positives et négatives la possibilité d'obtenir des microcrédits. Jusqu'à présent, 9 groupements VSLA (village saving and loan associations) ont été formés. Les microcrédits permettent aux membres de lancer des activités afin de générer des revenus et de se réintégrer dans la société. Le crédit peut monter jusqu'à trois fois l'apport propre, ceci avec un taux d'intérêt de 10%. Ces prêts sont appelés prêts business. Pourtant, les membres peuvent aussi recevoir des prêts d'aide sociale, sans taux d'intérêt. Un tel prêt est par exemple donné lors d'un enterrement afin d'aider la famille à couvrir les frais.

Depuis le lancement du projet en 2018, notre partenaire local a mené plusieurs campagnes de sensibilisation, a formé le personnel médical et a entamé la construction du nouveau bâtiment qui va comprendre 934 m$^2$.



Octobre 2019
Finissage des fondations



Soins d'un patient à l'hôpital

A travers les campagnes de dépistage – réalisées lors des campagnes de sensibilisation et au centre médical même – 315 personnes ont été identifiées comme VIH positives. Certains patients ont été transférés à d'autres hôpitaux et 8 patients sont décédés. L'hôpital Zia Angelina offre donc pour l'instant des traitements antirétroviraux (ARV) à 218 patients.

Il est à noter que la pandémie du VIH/SIDA touche particulièrement les femmes dans le milieu urbain où la prévalence du VIH est de 9,8% tandis qu'elle est de 4,6% pour les hommes habitant la ville (WHO, 2017). Pour cette raison, Zia Angelina porte aussi une attention particulière à la situation des femmes. A noter que 152 des 218 patients qui reçoivent actuellement le traitement ARV sont des femmes. Une cause majeure de ce taux de répartition inégal est le taux élevé de violences sexuelles envers les femmes ainsi que le manque d'accès à une éducation.

Une autre activité de ce projet est la construction d'une annexe pour l'hôpital. Depuis 4 ans, l'hôpital prend en charge des patients VIH positives mais manque d'espace pour assurer un traitement de qualité pour chaque patient. Après quelques défis au départ, notre partenaire a réussi à finaliser les plans de construction et à trouver la bonne société de construction. Les travaux de construction ont commencé en juillet 2019.

Jil Streber



Nous avec l'équipe Zia Angelina
Octobre 2019

**Comment soutenir nos actions?**

**Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de**

**Action pour un Monde Uni**
**BIL: LU14 0021 1349 0900 0000**
**CCP: LU83 1111 1287 6344 0000**

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour und Monde Uni asbl, reçoit par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'éxonération fiscale.

Faites un don avec votre application mobile Digicash (1,55% commission HTVA)

DIGI CASH®
MOBILE PAYMENTS

Si vous désirez recevoir notre bulletin par email, merci de nous faire un mail à office@amu.lu